**Ried PL7065 Aménagement du territoire**

**Emile Eicher**

---

Et gëllt dat geschwaaate Wuert

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Et ass gewosst, dass d'Bevölkerung an eisem Land innerhalb vun 8 Joer ëm 100.000 Leit gewuess ass. An eis Bierger mierken dat an hierem Alldag, sief et

- duerch dee mëttlerweil systematesche Stau deem si um Wee fir op d'Aarbecht ausgeliwwert sinn ;
- duerch déi méi wéi bedenklech Entwécklung vum Präis vum Bauterrain ;
- duerch d'Sättegung vu villen Infrastrukturen a.s.w.

An de Landverbauch hëllt all Dag zou !

Ee Gesetz zum Aménagement du Territoire war also absolut noutwänneg. Dofir ass am Juli 2013, also nach ënnert der fréierer CSV-LSAP Regierung, d'Gesetz vum Aménagement du Territoire gestëmmt ginn. Also knapps 3 Méint virun de virgezunnenen Wahlen.

Ech wëll betounen, dass dat Gesetz am Mäerz 2010 an der Chamber hannerluecht gouf an duerno a net manner wéi 27 Kommissiounssëtzungen diskutéiert an op Nieren a Bols ënnersicht ginn ass. D'Gesetz ass duerno de 9. Juli 2013 OUNI OPPOSITION FORMELLE vum Staatsrot gestëmmt gouf.

Fairerweis, an dat respektéieren ech, hutt Dir, Här Minister Bausch, op enger Pressekonferenz am November 2014 och gesot, dass déi juristesch Schwieregkeeten déi nom Vote vum 2013er Gesetz opgedaucht sinn, vu kengem opgeworf goufen. Also ee Gesetz ënnert der vergaangener Regierung, wou keng juristesch Schwieregkeeten opgeworf goufen. Net vum Staatsrot! Och net vun den deemolegen Oppositiouns-Parteien, déi haut Regierungs-Verantwortung droen !

Dir Dammen an dir Hären,

Mam Gesetz vun 2013 war eigentlech de Wee fir d'Plans sectoriels fräigemach.

Lo kéint ee soen, dës Regierung huet eigentlech d'Plans sectoriels vun der virechter Regierung an d'Prozedur ginn.

No der Veröffentlechung vun de Plans sectoriels huet nämlech de Nohaltegkeetsminister deklaréiert, him géif och net alles gefalen wat an de Pläng steet. An den Inneminister huet sech d'Fro gestalt, wou déi 10% Wuesstum bäi de komplementären Gemengen an déi 20% bäi prioritäre Gemengen géifen hirkommen. Déi fréier Logementsministesch hat den Inneminister wuel net vollends iwer hir Pläng informéiert.

Opgrond vu deenen Aussoen, huet och de Robert Goebbels, fréieren LSAP-Minister e bessi spötteg den 18.3.2015 an engem Tageblatt-Bäitrag gemengt:

„D'Fro misst erlabt sinn, firwat de Nohaltegskeetsminister, an ech géif soen déi ganz Regierung dës Pläng iwerhapt an d'Prozedur ginn huet, wann se net dovunner iwerzeecht waren.“ (aus dem däitsche fräi iwersat)

Dës Fro ass d'autant plus berechtegt, wou de Premierminister bäim Etat de la Nation 2014 nach deklaréiert hat :

« **Et gouf sech och am Nohaltegkeetsministère an de leschte Méint intensiv mat de sektorielle Pläng beschäftegt.** Et huet ee misse feststellen, datt an der Landesplanung zwar vill gutt Viraarbecht geleescht gi war, mee datt et ganz sécher an der Vergaangenheet un enger kohärenter iwwergräifender politescher Orientéierung gefeelt huet!

**Duerfir huet vill Inkohärenz aus de Pläng missen eraus gebotzt ginn. D'Regierung huet dernieft och hir Schwéierpunkten afléisse gelooss. Dat wéi scho gesot, zemools an de sektorielle Pläng vum Logement an och beim Transport.**

Eng gutt Landesplanung ass eng wesentlech Viraussetzung fir eng kohärent, organiséiert an nohalteg raimlech Entwécklung vun eisem Land.

Fir datt d'Landesplanung awer richteg ka gräifen, brauche mir esou séier wéi méiglech déi 4 primär sektoriell Pläng.“

Hie sot och weider dass d'Regierung elo prett wär fir am Kader vun enger Enquête publique de Gemengeréit an de Bierger d'Pläng virzestellen.

„Wann alles gutt geet, sollen se dann als groussherzoglech Reglementer a ronn zwee Joer [d.h. 2016] definitiv a Kraaft trieden.“

Déi virescht Regierung hat wéi de Premier betount gutt Virarbecht geleescht.

Vu datt déi nei Regierung nach all d'Inkohärenzen erausgeholl hat, hätt ee jo missen dovunner ausgoen, datt alles perfekt wier.

Här Präsident,

Déi 4 Plans sectoriels sinn du, wéi am Gesetz vun 2013 virgesi war, hire prozedurale Wee gangen. Eng Prozedur, déi zimlech opwänneg war. Esou huet sou huet zum Bespill eis Arméi missten ageschallt ginn fir dass déi deemols nach 105 Gemengen quasi zäitgläich Këschteweis Dokumenter geliwwert kruuten fir hir Bierger iwwert dës Plans sectoriels ze informéieren an de Bierger och d'Méiglechkeet ze ginn, heidrop ze reagéieren.

Sou wéi am Gesetz virgesinn, sinn och regional Reuniounen organiséiert ginn, wou déi zoustänneg Ministeren de Leit Ried an Äentwert stoungen. Dës Reuniounen sinn op groussen Interesssi bei de Leit gestouss, och well d'Gemengen sech ganz aktiv mat abruecht hunn.

Ech mengen, dass et bis dato nach keen legislative Prozess gouf, wou wierklech all Gemeng hier Suergen, Hoffnungen a Chancen wouer geholl huet. Et ass schonn eemoleg, dass all Gemeng een Avis geschriwwen huet, zum Deel ganz detailléiert, wou och d'Remarquen an d'Reklamatiounen vun hiere Bierger abruecht goufen. Alles dat ass eigentlech op d'Gesetz vun 2013 zréckzeféieren.Dësen Exercice war mat Sëcherheet méi wéi sënnvoll, well eng sëllechen Onstëmmegkeeten an Inkoherenzen dobäi un d'Liicht komm sinn. Ech kann Iech d'Beispill vun den Iwwerlaappunge nennen, wou Transport an Industriezonen sëch widderspriëchen. A wann et dann zu sou inkohärenten Iwwerlappungen kënnt, sou féiert dëst zu onnéideger Onsëcherheet.

Och déi verschidde Moossstiëw vun de verschiddene Pläng an de Plans sectoriels ware net homogen. Wann de PAG vun de Gemenge am Mooosstaw 1:2500 ass, sou bréngt d'Benotzung vun anere Moossstiëw an de Plans sectoriels onnéideg technesch Problemer mat sech. Problemer, deenen een eigentlech hätt kënnen einfach aus de Féiss goen.

Niewent ville Kritiken goufen et awer och vill gutt iwwerduechte Viirschléi vun Associatiounen, Chambres professionnelles, Gemengen a SYVICOL an deene sëlleche Privatleit. Ech maachen dann hei eng Klammer op: De Minister huet am Januar 2015 géintiwer de Journalisten vum Lëtzebuerger Wort betount, all Gemenge kritte matgedeelt a wéi engem Mooss hiren Kritiken Rechnung gedroe goufen. Dat nämlecht géif och fir d'Privatleit gëllen. Ech wier frou, wann de Minister eis kéint confirméieren, dass dat och geschitt ass. Dat géife mir op allefall begréissen. Mir sinn op allefall gespaant op d'Neioplag vun dëse Plans sectoriels. Mä dorop kommen ech méi spéit nach eng Kéier zréck.

Dir Dammen an dir Hären,

Trotz dem Réckzuch vun de Plans sectoriels, deen mir och bedaueren, well d'Landesplanung den A an O ass vun enger geuerdneter Entwécklung vun eisem Land, huet d'Regierung un ambitiéisen Ziiler festgehalen. Wat duerchaus begréissenswert ass.

Deemno sollten Enn 2015 souwuel de Programme directeur iwerschafft sinn, d'Landesplanungsgesetz ugepasst an d'Plans sectoriels nees an d'Prozedur goen.

De richtege Wee wéi mir mengen.

Mä éischtens kënnt et anescht an zweetens wéi een denkt.

Den Timing gouf ëmmer nees hannegedréckt an op eemol wollt kee méi eppes vun enger Iwerarbechtung vum Programme directeur während dëser Legislaturperiod méi wëssen.

Mir bedaueren dat ausdrécklech. Doduerch gouf d'Päerd nämlech vun hannen opgesuedelt.

D'Gemengen sollen hir PAGën bis den 8. August 2018 adaptéiert hunn.

D'Ëmsetzung vum Landesplanungsgesetz, d.h. d'Plans sectoriels wäerten, wann alles riicht geet, réischt 2019 a Kraft trieden.

An duerno réischt soll dann och de Programme directeur ugepasst ginn.

Et ass bessi ze vergläichen mat engem Héichhaus, wou all Stack vollends geplangt ass, mä de Gronn a Buedem, also d'Fondatioun réischt nom Bau géif geplangt ginn.

D'Fro stellt sech dann och, ob d'Gemengefinanzreform net misst nom Programme directeur, PDAT, misst iwerschafft ginn.

Här Präsident,

Territorialreform, Landesplanung an Gemengefinanzreform, respektiv d'Subventiounspolitik sollen als Ganzes funktionnéieren an anee gräifen. Sou gesäit et op allefall d'CSV.

Déi gréng fuerdere scho säit Joren eng Landesplanung vum regionale Niveau.

An hirem Wahlprogramm vun 2013 steet ze liesen:

"**déi gréng werden eine beratende Regionalkammer einführen, die nur jene Gesetzestexte begutachtet, welche die Gemeinden oder die Regionalentwicklung betreffen.** Diese Kammer soll ausschließlich eine beratende Funktion haben und sich aus Vertreterinnen und Vertretern der Schöffen und Bürgermeister zusammenstellen"

De Camille Gira huet an der Diskussioun ëm d'Landesplanungsgesetz vun 2013 hei an der Chamber betount, déi gréng kéinten d'Gesetz net matstëmmen, well kee Fonds régional a keng Conseils régionaux virgesi waren. D'Feelen vu regionale Pläng gouf niewebäi monéiert.

De wëlle Wuesstum ass a Fro gestalt ginn.

D'Antispekulatiounsklausel als ongenügend bezeechent ginn.

All dat huet déi gréng dozou bruecht, fir d'Gesetz vun 2013 net matzestëmmen.

Haut ass de Wuesstum nach méi wëll ginn.

D'Antispekulatiounsklausel ass gelockert ginn.

Et ass nach ëmmer keng regional Komponent am Gesetz verankert an och d'Fuerderungen aus dem grénge Wahlprogramm hunn sech net erfëllt.

Wieren déi gréng sech also konsequent, dierften se d'Gesetz net matstëmmen.

Mir als CSV sinn nach ëmmer der Meenung, datt de Staat eng besser Kooperatioun mat de Gemengen iwer de Wee vu Konventiounen oder iwer de Wee vun Naturparken landesplaneresch Akzenter soll setzen an ëmsetzen. Sou stung et am 2013er Gesetz, sou steet et och am virleienden Projet de loi.Här Präsident,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Erlabt mer op de virleienden Gesetzesprojet anzegoen.

Nom prozedurale Fiasko vun 2014 an och nom Scheiteren vum Iwerschaffen vum 2013-Gesetz, ass d'Chamber am Hierscht 2016 mat engem neie Gesetzesprojet befaasst ginn.

Et muss ee soen, dass et no de villen Oppositions formelles am Avis vum Staatsrot den 13. Juni 2017 séier gangen ass.

Als CSV hu mir eis Verantwortung iwwerholl a ganz aktiv an de Kommissiounen matgeschafft. Mir hu vill Viirschléi gemaach a vill vun eise Viirschléi sinn och zréckbehale ginn. Besonnesch bei der Oplëschtung vun den Domainer, déi an déi zukünfteg Plans sectoriels an Plans d'occupation du sol afléissen war et ausseruerdentlech wichteg keen ze vergiëssen. Well d'Gesetz extrem restriktiv ass, kënnen nëmmen déi Plans sectoriels an Plans d'occupation du sol reglementéiert ginn, déi vum Artikel 1 ofgedeckt sinn.

Fir d'Plans sectoriels sinn net manner wéi 19 Domainer zréckbehaale ginn. Dorënner och déi 4 déi deemnächst an d'Prozedur ginn, nämlech Transport, Wunnéngsbau, Industriezonen a Paysage.

Den Här Bausch huet eis matgedeelt, dass hien dës 4 plans sectoriels de 27. Abrëll un de Regierungsrot wëll weiderleeden fir se duerno ëffentlech ze maachen an an d'Prozedur ze ginn.

Mir sinn der Meenung, dass d'Chamber dës Pläng am Virfeld scho sollt zur Verfügung gestalt kréien. Pläng si fäerdeg an d'SUP ass och schon eng Zäitchen ofgeschloss, sou dass mir eis froen, wat Iech eigentlech no dësem Vote dovun ofhält, d'Pläng an och d'SUP all den Deputéierten zur Verfügung ze stellen. Wann Dir ären Transparenzusprech wëllt gerecht ginn an och eng sachlech Landesplanungsdebatt nächste Mount wëllt zouloossen, da stëmmt eiser Demande och zou.

Hei ass elo de richteg Moment fir Äeren Ufuerderungen no engem Bottom-Up Prinzip gerecht ze ginn. Well dat war jo beim ale Gesetz ee vun den Haapt-Kritikpunkten vun Ärer Partei.

Här Präsident,

Trotz all deene Fortschrëtt hu mir als CSV awer och eng Partie Réckschrëtt misse feststellen.

De Programme directeur vun der Landesplanung, och nach PDAT genannt, aus hat sou wéi et am 2013er Gesetz formuléiert war « valeur normative ». En Arrêt vun der Cour administrative vum 13. Juli 2017 huet dem Inneminister zwar ënnersot, sech op de PDAT ze beruffen fir e

PAG ze refuséieren. Dëst Geriichtsurteel seet awer och, dass wann de PDAT de verfassungsrechtleche Ufuerderungen, déi sech aus den Artikele 16, 32, Paragraph 3 a 36 erginn, gerecht gëtt, duerchaus „valeur normative“ kann hunn.

A priori hätt also näischt dogéint geschwat fir elo hei an dësem Gesetz de PDAT zu enger « valeur normative » opzewäerten andeem d'Méiglechkeet geschaaf géif ginn, de PDAT duerch ee Règlement grand-ducal a Kraaft ze setzen. Hei ass et awer leider verpasst ginn, jo souguer net gewënscht gewiecht, dës Méiglechkeet am Gesetz ze verankeren.

Soumat geet awer een extrem wichtegen Bausteen vum Aménagement du territoire verluer. Grad duerch de Programme directeur aménagement du territoire sollt jo déi gewënschten transversal Politik oofgesëchert ginn.

Grad de PDAT sollt jo d'Objektiver vun de Plans sectoriels festleeën, Synergien an de verschiddene Beräicher en valeur setzen a virun allem déi Instrumenter vernetzt notzen.

Dëst misst eigentlech d'Basis sinn vun allen Iwwerleeungen déi am Kontext vun de Plans sectoriels an de d'Plans d'occupation du sol gefouert ginn.

Dëst iwwergeuerdnet Planungsinstrument, sou wéi et geduecht war, gëtt elo zu enger politescher Intentioun degradéiert a verléiert domat eng wesentlech Komponent vum Aménagement du territoire.

Dëst ass an den Aan vun der CSV ee schwéiere Réckschlag fir en koordinéiert, vernetzt an efficace Planung an Zukunft ze garantéieren an ëmzesetzen.

En zweete Punkt dee mir bedaueren, betrëfft de Parkraummanagement. Well : wéi ugekënnegt op der Pressekonferenz vum Minister soll de Parkraummanagement een eegent Gesetz kréien. Meng Fraktioun ass allerdéngs der Meenung, dass de PS Mobilitéit an de Parkraummanagement enk vernetzt sollen a musse sinn. Well deen een kann net ouni deen aneren. Dofir och meng Fro un den zoustännege Minister fir ze wëssen, wou de Gesetz-Entworf a Saachen Parkraummanagement drun ass. Wär et net ubruecht dëst Gesetz zäitgläich mat de Plans sectoriels a Kraaft ze setzen ?

Här President,

Erlaabt mir nach e puer Wuert ze soen zu där ominöser « Spekulatiounsbrems ». Ee Schlagwuert, bei deem jidfereen direkt versteet ëm wat et geet. Ech muss éierlech soen, dass de Staat an d'Gemengen an där Fro selwer eng grouss Verantwortung droen an deelweis souguer eng Matschold. Well si sinn dacks selwer Akteur, beispillsweis beim Kaaf vun Terrain'en fir Industriezonen an Kompensatiounsflächen.

Wa fréier d'Reegel déi wor, fir maximal den duebele Maartpräis ze bezuelen an/oder eise Baueren alternativ Terrain'en ze fannen fir hinnen d'Brout net ewech ze huelen, sou ginn haut vu staatlecher Säit verréckt Präisser bezuelt.

Ech kéint Iech eng sëlleche konkret Beispiller ginn, ënnert anerem am Dossier ZANO zu Ettelbréck oder am Dossier Klengbousbierg II. An virun allem am Dossier Google si Präisser

bezuelt ginn wou engem d'Ronkenellen aus ginn. An ob een et wëllt oder net : de Staat dréit hei eng Verantwortung ! Jo, de Staat huet bei Google den Terrain net selwer kaaf. Mä hien huet awer eng aktiv Vermëttlerroll gespillt. An déi Präisser sinn esou surrealistesch, am 5-stellege Beräich pro Ar, dass ech et léiwer der Reegierung iwwerloossen fir déi Präisser ze nennen. Ech kann Iech just soen : geckeg !

An dëse staatleche Wëllen, sou héich Präisser fir zukünftegen Industrieterrainze bezuelen, droen natierlech och dozou bäi, dass d'Präisser fir eis Landwirtschaft, awer och d'Präisser am Wunnéngsbau, onweigerlech an d'Luut klammen.

Dofir : wann ee sech freet, wat an de läschte Joere geschitt ass, kéint een iwwerspëtzt äntwerten : Guer näischt, ausser dass d'Präisser geklomme sinn, och aktiv vu staatlecher Säit gedriwwen.

Här President,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Zum Schluss vu menger Ried woen ech dann e klengen Ausbléck op déi zukünfteg Plans sectoriels

Mat de PS sollten eng sëlleche Problemer op de Leescht geholl ginn. Dofir wier et eigentlech nëmme normal, dass waat ee Problem méi akut ass, dësen och prioritär an de PS behandelt gëtt.

D'Problematik vun den Déchet inertes ass esou eng Problematik. Eng akut Problematik op déi d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers an hierem gemeinsame Avis fir eng x. Kéier higewisen hunn. Och hei liwweren d'PS keng zefriddestellend Äntwert. Jo et asse en grousse Problem. Neen, de Problem verschwënnt net, andeems ee net dovu schwätzt. Hei also och nees meng Fro un de Minister : Wat gedenkt de Ministère konkret an deem Dossier ze maachen ? Fir de Betrieber net just Aarbechtspabeieren, mä konkret Léisungen ze presentéieren ?

Gespaant si mir och wéi dann elo eis PS paysages ausgesinn, well Dir, Här Minister Bausch, jo och der Meenung sidd, dass villes schonn am Naturschutzgesetz virgeschriwen ass. An dass an dem Kader ee sech soll déi néideg Mëttel ginn fir d'Naturschutzgesetz ëmzesetzen amplaz am plan sectoriel nach eppes drop ze suedelen. Wéi gesot : mir sinn alos gespaant, wat fir eng Virschrëften nach an dem neie Plan sectoriel wäerten op eis duer kommen.

Wou ass och zum Beispill e Plan sectoriel 5G drun?

Oder e Plan sectoriel Lyceën?

Och um Niveau vun de Plan d'occupation du sol bleiwt nach Verschiddenes ze dinn. Wou bréngen mir an Zukunft Demandeurs de protection internationale ënner?

Ech mengen, et bleiwt nach villes ze dinn.

Här President,

Fir et kuerz ze soen : jo, et si vill gutt Usäz an dësem Projet de Loi dran. Vill Usäz, déi och op Demande vun der CSV hinn, mat an de Projet agefloss sinn. Leider huet dëse Projet de loi awer Schéinheetsfeeler. An dee gréisste Schéinheetsfeeler ass deen, dass de PDAT net méi als « valeur normative » festgehal gëtt. Eppes wat an eisen Aan awer onbedéngt hätt missten am Gesetz verankert ginn.

Doniewt sinn, wéi virdru scho gesot, eng sëlleche Punkten, déi eis och Kappzerbriëches maachen. Ech soen just e puer Stëchwierder wéi « zone agricole protégée » oder nach Parkraummanagement. Dofir, Här President, wäert meng Fraktioun dësem Projet de loi och net zoustëmmen a sech beim Vote enthalen.

Zum Schluss, erlaabt mir nach der Rapportrice, der Mme Josée Lorsché, Merci ze soen fir hiere virbildlechen Asaz an der Kommissioun. Och wa mir eis net ëmmer an alle Punkten eenz woren, sou war et dach ëmmer ee kollegialt a konstruktivt Zesummeschaffen, am Respekt virun all Meenung. Een opriichtege Merci dofir.

Merci fir Är Opmierksamkeet